Wëllplanzesom®
Lëtzebuerg

LUX-Mëschungen – Geseemsmëschunge mat heemesche Wëllplanzen aus regionalem Ubau

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat Wëllplanzen aus eiser Regioun gëeegent. D'Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffe zanter e puer Joer zesumme mat weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuerger Someproduktioun vu Wëllplanzen. D'Zil ass fir mat Hëllef vu Lëtzebuerger Bauere Som vun heemesche Wëllplanzenaarten ze produzéieren.
Gemengen a Privatleit, déi eng Blummewiss op ëffentleche Gréngflächen oder doheem am Gaart uleeë wëllen, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vun der Firma Rieger-Hofmann. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekte sinn.

Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir kleng Flächen vun 25–50 m² kennen 100 g Tuten vun den dräi Mëschungen LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner an Ärer Ëmgéigend kaft ginn:

- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Lëtzebuerg, Ëmweltberodung Lëtzebuerg
- Lëtzebuerg, Oekozenter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum 'natur musée'
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Useldeng, TouristInfo Wëlle Westen
- (...)

Weider Verkafsplazen a vill zousätzlech Informatioune zum „Wëllplanzesom Lëtzebuerg" fannt Dir op: www.sicona.lu/projekte/saatgut.

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéiten am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann ënnert „Mischungen für Luxemburg" bestallt ginn: www.rieger-hofmann.de.

Fir déi richteg LUX-Mëschung auszewielen, berode mir Iech gären.

SICONA Naturschutzsyndikat
Naturschutzsyndikat SICONA
12, rue de Capellen L-8393 Olm
T : (+352) 26 30 36 25
E : administration@sicona.lu